ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

De kënschtlereschen Direkter vum LuxFilmFest a President vun "Europa Film Festivals" ass amgaang, eng Charte auszeschaffen, déi Cineasten, Festivalsdirekteren a Filmverkeefer zu etheschem Verhalen oprifft, besonnesch am Hibléck op Genderparitéit an Ökologie. An engem Artikel am *Le Quotidien* vum 30. Mee 2022 (*"Trop de films, c'est la rançon du succès"*) gëtt den Entworf esou beschriwwen: *"Le LuxFilmFest n'a pas attendu #MeToo pour se sentir concerné par la parité de genre, et il suffit de jeter un oeil aux premières programmations, en 2011 ou 2012, pour y trouver des films sur la montée des eaux et le réchauffement climatique. Ça a toujours été dans notre ADN. Par extension, cette charte incite très fortement à adopter une démarche sociale."*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi steet d'Madamm Minister zur Tatsaach, datt de kënschtlereschen Direkter vun engem Filmfestival, un deem de Staat bedeelegt ass, eng Charte ausschafft, déi sech zum Zil setzt, *"de révolutionner les bonnes pratiques"* an der Filmindustrie? Besteet hei net d'Gefor, datt sech ee wichtegen Acteur vun der Lëtzebuerger Kulturzeen als moralesch Instanz positionéiere wëll an dass esou eng Charte een Agréff an d'Konschtfräiheet vun de Cineasten an déi kommerziell Fräiheet vun der Filmindustrie bedeit, andeems se dës Beruffsspart zu engem gemeinsame Wäertekanon verflicht?
2) Wéi steet d'Madamm Minister grondsätzlech zur Iwwerleeung, datt d'Konschtfräiheet resp. d'Meenungsfräiheet an hirer Totalitéit ze respektéieren ass an datt just bei Verstéiss géint d'Zivilitéit (z.B. Diffamatiounen oder Opriff zur Gewalt) d'Justiz agräife sollt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten